**Evangelium vun der Pällemwei (Joer B)**

**Joh 12,12-16**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

12 Wéi déi vill Leit, déi op d'Fest komm waren,
héieren hunn, datt de Jesus op Jerusalem kéim,
13 hunn si Straiss vun de Palmen erofgerappt
a sinn him entgéintgaang.
Si hunn haart geruff:
*"Hosanna!*
*Geseent sief deen, deen am Här sengem Numm kënnt,*
*de Kinnek vun Israel!"*[i]

14 De Jesus awer huet e jonken Iesel fonnt an huet sech op e gesat,
esou wéi et geschriwwe steet:
15 *Fäert net, Duechter Zion!*
*Kuck, däi Kinnek kënnt,*
*hie sëtzt op engem Ieselsfillen.*[ii]

16 Fir d'éischt hunn seng Jünger dat alles net verstan,
ma wéi de Jesus verherrlecht war,
hunn si sech drun erënnert,
datt et esou iwwer hie geschriwwe stoung
an datt et him och esou ergaang ass.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Ps 118,25f.; Zef 3,15 LXX.*
[ii] *Zach 9,9; Is 35,4; Is 40,9.*